ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

N°4039

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

REÇU

Mamer, den 7. Abrëll 2021

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Policeminister an un d'Madamm Justizminister weiderzeleeden.

An der Äntwert op meng parlamentaresch Fro N°3682 iwwert d'Kommunikatioun vun der Police schreift de Policeminister, datt vun 42 Iwwerfäll an de Méint November an Dezember 2020 "mindestens eng Dose Pressemeldungen zu Iwwerfäll " vun der Police gemaach goufen. Als Grond fir d'Net-Veröffentlechen nennt den Här Minister de "Critère ëmmer deen, dass d'Enquête mat enger Kommunikatioun no baussen net beaflosst gëtt" Weider schreift den Här Minister, datt "ab dem Moment, wou eng Strofdot geschitt ass, déi weider Kommunikatioun den zoustännege Justizautoritéiten ënnerläit. " Zum Schluss schreift den Här Minister och nach als Äntwert ob d'Fro, wéi vill Täter vun den 42 Iwwerfäll schonn ermëttelt konnte ginn, Folgendes: "D'Police kann esou Recherchen net automatiséiert duerchféieren".

An deem Kontext hätt ech folgend Froen un d'Regierung:

1. Kann de Policeminister erklären, a wéiwäit eng Meldung, ewéi z.B. "am Stater Park ass eng Fra iwwerfall ginn" oder "op der Gare ass en Jugendleche bedroht ginn an huet missen säin Handy ofginn" eng Enquête beaflosse kann?

2. Kann de Minister méi genee preziséieren, vu wéi engem Moment ("ab dem Moment, wou eng Strofdot geschitt ass") un déi weider Kommunikatioun den zoustännege Justizautoritéiten ënnerläit? Dëst ass nämlech verwonnerlech, well de Minister jo schreift, datt eng Dosen Iwwerfäll vun der Police kommunizéiert goufen.

3. Am Hibléck op de Fait, datt d'Police keng "automatiséiert" Recherche kann duerchféieren, ob déi Täter vun den 42 Iwwerfäll schonn ermëttelt goufen: Kann den Här Minister dann unhand vun enger net-automatiséierter Recherche soen, wéi vill potentiell Täter vun deenen 42 Iwwerfäll schonn ermëttelt konnte ginn? Kann d'Madamm Justizministesch eventuell och eng Äntwert op déi Fro ginn?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

Dossier suivi par Christian Alff
Service des séances plénières et secrétariat général
Tél : 466.966.223
Fax : 466.966.210
e-mail : calff@chd.lu

Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec le Parlement
Luxembourg

Luxembourg, le 07 avril 2021

Objet : Question parlementaire n° 4039 du 07.04.2021 de Monsieur le Député Fred Keup - Communication de la Police grand-ducale

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer par la présente la question parlementaire sous objet.

Je vous prie de bien vouloir me faire parvenir la réponse du Gouvernement dans le délai d'un mois afin que je puisse la faire publier avec la question au compte rendu.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments les plus distingués.

Fernand Etgen
Président de la Chambre des Députés